

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. Mäerz 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*In Luxemburg werden die Busfahrer knapp*", deen den 18. Februar am Lëtzebuenger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt mir zu Lëtzebuerg op ëmmer méi e staarke Mangel u Buschaufferen duersteieren an, datt dës Problematik bei Chauffeuren déi op mannst Basiskenntnisser am Lëtzebuergeschen opweisen, besonnesch staark ausgeprägt ass. Als Ursaache ginn nieft der feelender Attraktivitéit vum Beruff ënner anerem den héije Mindestausbildungsalter vun 21 Joer an déi laang Waardezäite bei der Formatioun zu Suessem genannt. Et ass op där anerer Säit awer och sou, datt Lëtzebuerg an der Mobilitéit op eng ganz grouss Selbststännegkeet vu senge Bierger zeréckgräife kann, well d'Zuel vun Erwuessene mat engem Füherschäin an oft souguer mat engem eegenen Auto immens héich läit.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi ass déi Decisioun motivéiert, datt jonk Leit de Busföherschäin zu Lëtzebuerg réischt mat 21 Joer kënne maachen? Gëtt eng zäitno Gesetzesännerung envisagéiert, fir datt besonnesch jonk Leit, déi d'Schoul entweder scho virum Alter vun 18 Joer verlooss hunn oder se kuerz duerno verloossen direkt mam Erreeche vun der Groussjäregkeet eng Perspektiv an dësem Beruff kënne fannen?
- 2) Gesäit den Här Verkéiersminister eng zäitno Erhéijung vun de Kapazitéite vum CFC zu Suessem vir? Kéint hien sech eng Gesetzesännerung virstellen, déi et neie Chaufferen erméiglecht, hire Beruff nees auszeübe während si op eng Plaz an dëser Formatioun waarden a sou och éischt Erfarunge kënne sammelen?
- 3) Kann den Här Minister matdeelen, wéi wäit hien déi individuell Mobilitéit och an Zukunft wëll ënnerstëtzen, fir déi uewe genannt mobil Selbststännegkeet vun der Gesellschaft am Fall vun engem Enkpass beim öffentlechen Transport méiglechst effizient notzen ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten